



Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter;

M. Jean Colombera;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Norbert Hauptert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes (par Mme Martine Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen? Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Jo, den Här Gibéryen freet nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Mir hunn eis enthalen, well mir am Fong mat deem, wat den Invite un d'Regierung ugeet, kéinten averstane sinn, mä bei de Considéranten hu mer eng Rei vu Problemer. Duerfir hu mer eis enthalen.

► **M. le Président.**- Très bien! Da kéime mer elo zum nächste Punkt, nämlech dem Projet de loi 6318, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Fonds d'investissement spécialisés. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht an et hu sech ageschriwwen: den Här Etgen an den Här Urbany.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

12. 6318 - Projet de loi portant modification de la loi du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetzesprojet maache mir eis Finanzplaz nach méi kompetitiv. Mir schafen nei Opportunitéiten. Mir passen eist Gesetz aus dem Joer 2007 iwwert déi sougenannte Spezialfongen de Realitéite vun de Finanzmäert un.

Déi europäesch Direktiv aus dem Juni 2011 iwwert déi alternativ Investmentfonge fënnt an dësem Projet de loi schonns hiren éischten Néierschlag. Mir schaffen also schnell an et ass nawell derwärt.

Et geet ëm ee vun den Hauptwirtschaftszweiger vun eiser Finanzplaz, d'Fongenindustrie. D'Akomes pro Joer vun deem Secteur fir de Statsbeidel, eleng iwwert d'Taxe d'abonnement: ronn 600 Milliounen Euro pro Joer - bal 6% vun de gesamte Statseinnahmen, de Géigewärt vun de jährechen Ausgabe vun dem Beschäftigungsfong.

D'Spezialfongen, d'Fonds d'investissement spécialisés, goufen 2007 op eiser Finanzplaz agefouert. Et ass e Finanzinstrument, wat professionellen Investisseure virbehalen ass, an de Succès vun deem Gesetz, deen ass och grouss.

Op den 31. Oktober 2011, also véier Joer no dem Gesetz, gouf et schonns 1.352 där Spezialfongen hei zu Lëtzebuerg. Dat si méi wéi 35% vun all eisen OPCen. A Suen ausgedréckt dierften an deene Spezialfonge méi wéi 600 Milliarden, ech widderhuelen, 600 Milliarden Euro Suen investéiert sinn.

Eis Finanzplaz huet mat deem Gesetz fir hir Clienten déi richteg Äntwert op d'Auslafe vun den Holding 29 fonnt gehat. E Regelwierk, wat mir also fleege mussen.

Jo, an dat maache mir haut de Mëtteg alles mat engem Riedemodell de base, ouni vill Gedeesems, kuerz a séier. Wat zielt ass dat, wat hanneren erauskënnt. Duerfir kuerz déi Haaptpunkte vun dem Gesetzesprojet:

D'Kontrollfunktoun vun eiser Bankenopsicht, der CSSF, gött verstärkt.

Et zielt de politesche Wëlle fir eng professionell a propper Finanzplaz Lëtzebuerg.

Den eenzelnen Investisseur gött besser geschützt.

D'Bedreiwe vun engem Spezialfong geschitt no engem klaren, strengen a virun allem transparente Regelwierk.

E Spezialfong muss duerfir an Zukunft en Agrément, also eng Zouloossung vun der CSSF hunn, ier e seng Aktivitéite kann ophuelen. Dat war wuel bis elo d'Praxis. Et gött elo eng legal Flicht.

D'CSSF kontrolléiert vun elo un net nëmmen déi sougenannten „honorabilité professionnelle“ vun de Leit, déi formell de Spezialfong laut Statute verrieden. Si kontrolléiert zousätzlech - an dat ass nei - och déi Leit, déi mat der effektiver Gestiou vun dem Spezialfong be-traut sinn.

Datselwecht zielt och, wann d'Gestiou vun dem Portefeuille un Dröttleit delegéiert gött. Domat soll séchergestallt ginn, dass keng faul Geschäfte ënnert dem Deckmantel vu Stréimänner gemaach kënnen ginn. Dubiéise Finanzjongleure gött domat ee Rigel virgeschuppt.

Den Investisseur gött besser geschützt.

De Spezialfong muss an Zukunft de Risiko vu sengen Investissementer och besser aschätzen. Duerfir muss ee sech speziell Regeln, e sougenannte Risikoiiwwerpräiwungssystem, zouleeën. D'Opstelle vun dësen interne Regele muss no de Virgabe vun der CSSF geschéien.

Faul Wäertpabeiere mussen deemno och als solch ausgewise ginn. Bei engem sougenannten Apport en nature an de Spezialfong, zum Beispill een Immeuble, muss eng Wäertbescheinigung vun engem Réviseur d'entreprises agréé derbäileien.

Eventuell Interessekonflikter vun de Responsable vun dem Spezialfong göllt et och ze vermeiden. Nëmme sougenannt „investisseurs avertis“, also eng professionell Clientèle därf Suen an ee Spezialfong stiechen. Och dat muss vun dem Bedreier vum Fong séchergestallt ginn. D'Spezialfongen adresséiere sech also net un de grand Public.

Dëst sinn eng ganz Rei nei Oplage fir d'Spezialfongen. D'Bankenopsicht huet d'Kontrollfunktoun, dass déi Oplage respektéiert ginn. Dobäi kritt d'CSSF Zougank zu allen Dokumenter an Informatiounen, si ka Kontrollen op der Plaz maachen, eng Requête beim Procureur maachen, fir d'Avoiren anzefréieren, an och souguer en Agrément vun engem Fong zrëckzéien. Jo, d'CSSF ka souguer d'Opléisen an d'Liquidatioun vun dem Fong beim Geriicht beantragen.

D'CSSF kann och administrativ Geldbousse géint de Bedreier vum Fong aussprechen. Wéi an all Rechtsstat gött et géint des Décisiounen och e Recours, an dësem Fall e sougenannten „recours en réformation“, also e Recours um Fong beim Verwaltungsgericht.

D'Spezialfonge kréien engersäits méi eng strikt Kontroll. D'Méiglechkeete fir ze investéiere ginn an der Konterpartie awer och méi breet. D'Aktivitéit vun dem Spezialfong muss op d'mannst d'Gestiou vun engem Investmentportefeuille begräifen.

Ee Spezialfong därf sech am Géigesaz zu enger SPF, enger sougenannter Société de patrimoine familial, net drop limitéieren, fir einfach nëmmen eng Bedeelegung an anere Gesellschaften ze hunn. Mir mussen dat an d'Gesetz aschreiwien, fir ze vermeiden, dass d'Spezialfonge vun der Europäescher Kommission géife mat puren Holdinge gläichgestallt ginn, an da kéint Bréissel eis nees Problemer maachen.

Ee Kompartiment vun engem Spezialfong, dat kann an Zukunft och an en anert Kompartiment vun deemselwechte Fong investéieren. Dobäi därf et awer keng sougenannt géigesäitig Investissementer tëschen eenzelne Kompartimenter ginn, fir de Fong kënschtlech opzeblosen.

Véiertens a leschtens, Här President: Administrativ Vereinfachung gött et och. D'Statute vu Spezialfongen an aner Gesellschaften, déi duerch notariellen Akt mussen opgestallt ginn, brauchen an Zukunft net méi op franséisch verfaasst ze ginn. Hei setzt sech also dat Englescht och an der Form duerch.

Här President, dat waren déi Haaptännerunge vun dem Gesetzesprojet. Dat si wichteg Bestëmmunge fir d'Zukunft vun eiser Finanzplaz.

De Projet gouf, ofgesi vun eenzelnen Detailkritiken, generell vun der Chambre de Commerce och begréisst. Hie bitt nämlech nei Opportunitéite fir eis Finanzplaz.

De Statsrot, deen hat a sengem Avis zwou Oppositions formelles gemaach, deenen d'Finanzkommissioun Rechnung gedroen huet. Ech verweisen och fir de Rescht duerfir op mäi schrëftleche Rapport.

D'Finanzkommissioun huet deen eestëmmege ugeholl a recommandéiert, de Gesetzesprojet och ze stëmmen. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen lech elo Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur, an als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Merci, Här President. Erlaabt mir just, ausdrécklech dem Rapporteur Merci ze soe fir säi prezisen a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mëndleche Rapport.

All zesummen, mengen ech, kënnen mer eis nëmme freeën iwwert de Succès vum Gesetz vun 2007 iwwert d'Fonds d'investissement spécialisés, dat den Uspréch vum Maart gerecht gött an dat, wéi de Rapporteur et gesot huet, enger professioneller Clientèle virbehalen ass.

Dës Investisseuren hätte gären eng zousätzlech Sécherheet, an ech mengen, dëst Gesetz erlaabt eng besser Gestiou vum Risiko a vun eventuellen Interessekonflikter. Et ass esou, wéi de Rapporteur gesot huet: Dat wat zielt, dat ass dat, wat hanneren erauskënnt. An deem Sënn wëll ech och den Accord vun der DP-Fraktioun ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen, an als leschte Riedner ass den Här Serge Urbany agedroen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Merci, Här President. Dat wat hei soll nei geregelt ginn, dat huet am internationale Langage e Wuert, dat nach net hei gefall ass. Et handelt sech hei ëm déi lëtzebuergesch Hedgefongen, déi a Form vun engem Fonds d'investissement spécial, dat heescht virun allem fir grouss Investisseure funktionéieren.

Dat neit Gesetz hei geet op eng europäesch Direktiv vun 2011 zrëck, an där eigentlech de Gestionnaire vun esou Hedgefongen emol eng Kéier sollten Zigel ugeluecht ginn, wéi jo och am Laf vun der Kris vun 2008 vun alle Säiten, och heibanne mengen ech, verlaangt ginn ass.

Déi Direktiv ass awer an der Zwëschenzäit komplett verwässert ginn. Dat gesäit een zum Beispill, wann een de Bulletin liest vun der Lobbyistevereenegung vun deem Secteur - Black-Rock heesche se -, déi schwätze vun enger „amélioration notable“.

D'Chambre de Commerce zu Lëtzebuerg schwätzt bei deem Gesetz hei vun „nouvelles opportunités“, neie Méiglechkeeten, déi sech heiraus ergi fir Hedgefongen.

D'Lëtzeburger Hedgefongen, muss ee soen, waren nach ëmmer zu Lëtzebuerg reglementéiert. Dat war net iwwerall, op alle Plazen am Ausland de Fall, mä d'Hedgefongen zu Lëtzebuerg hate vill méi Fräiheete vläicht nach wéi op anere Plaze bei der Investitiounspolitik. Si haten esou Instrumenter wéi Titrisatiounen zur Verfügung, si hu mat Leerverkeef geschafft. Net geregelt Tauschhandel an aner Hiewelinstrumenter sinn a ginn nach verstärkt an Zukunft ugewannt vun deene Lëtzeburger Hedgefongen, deene mer hei sollen zoustëmmen.

An déi Hedgefongen, deene mer elo nei Opportunitéite solle ginn - dat muss een och soen -, déi sinn och wesentlech un der griichescher Scholdekrise mat bedeelegt gewiescht. A si wäerten och an Zukunft nach u ville Krise matschrauwen a matverdénge, déi nach komme wäerten: finanziell Blosen an aner Krisen, Immobiliëkrisen an esou weider, déi se nach an Zukunft provozéiere wäerten, déi Hedgefongen, deene mer hei sollen zoustëmmen!

D'Leit bezuelen da jo derfir - dat wësse mer jo -, esou wéi se a Griichenland derfir bezuelen. An ech mengen, et ass schonn eng Symbolwirkung, wann dat Gesetz hei, wat de Lëtzeburger Hedgefongen zu Lëtzebuerg nei Opportunitéite soll opmaachen, fir tätég ze ginn op der ganzer Welt, wann dat Gesetz hei gestëmmt gött, ier mer sollen iwwert d'griichescher Scholdekrise diskutéieren!

Ech soen lech Merci. Ech wäert selbstverständlech géint dat Gesetz hei stëmmen!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Urbany. Ech mengen, et ass alles zu dem Projet de loi

gesot, sou datt mer direkt zur Ofstëmmung kënnen kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6318 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, géint eng Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Fernand Boden), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes (par Mme Martine Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Ben Scheuer), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum leschte Projet de loi fir de Mëtteg, nämlech den 6344 iwwert d'Participatioun vu Lëtzebuerg bei der 16. Reconstitution vum de Ressourc vum der Association internationale de développement, bei der IADM an der 7. Reconstitution vum de Ressourc vum Fonds international de développement agricole.

Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech just bis elo ageschriwwen: den Här Etgen, deen och mengt, e misst net méi onbedéngt nach eppes soen, sou datt dann elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Michel Wolter, kritt. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

13. 6344 - Projet de loi

- approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 16^e reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement

- portant modification de la loi du 22 décembre 2006 relative à la participation du Luxembourg à l'Initiative d'allègement de la dette multilatérale (ci-après «IADM») et à la 7^e reconstitution des ressources du Fonds international de développement agricole ajustant la contribution du Grand-Duché de Luxembourg à l'IADM

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Michel Wolter (CSV), rapporteur.**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg ass zënter laange Jore Member a sëlleschen internationalen Hëlleforganisatiounen. Aus esou enger Membership ergi sech eng Rei Flichten, déi oft finanzieller Natur sinn an déi méi oder manner regelméisseg och dowéinst ugepasst musse ginn.

Dës Sue sinn normalerweis gutt investéiert. Well dës Organisatiounen, wou d'Suen hifléisen, méi aarme Länner prioritär Präten ouni Zënse ginn zum Beispill, dës Präten awer eng extrem laang Lafdauer - oft 30 bis 40 Joer - hunn, hält logescherweis d'Verméige vun dësen Organisatioune mat der Zäit of. A fir dass elo awer dës Organisatioune weider schaffe kënnen, muss dann dat Kapital vun deene méi räiche Memberstaten opgestockt ginn.



Genée dës Opstockung vum Kapital vun zwou internationalen Organisatiounen ass den Objet vun dësem Projet de loi. Op där enger Säit geet et ëm d'Aktualiséierung vun den Engagementer vun eise Land bei der Association internationale de développement an op där anerer Säit ëm eng Approbatioun vun engem Amendement iwwert d'Kontributioun vun Lëtzebuerg bei der Initiativ fir den Allégement vun der multilateraler Schold.

Déi éischt Organisatioun, där mer méi Sue ginn, fir dass se hiert Kapital erëm reconstituéiere kann, ass d'Association internationale de développement. Si gouf 1960 gegrënnt, ass a sech eng Filial vun der Weltbank, primär zoustänneg fir d'Aarmutsbekämpfung an accorderéiert Präten an Donen un déi ärmste Länner vun der Welt. Am Moment gëtt se Préte fir 79 Länner, dovun eleng 39 an Afrika.

Zënter hirer Grënnung am Joer 1960 goufen eng 222 Milliarden Dollar u Präten accordéiert, wouvu Lëtzebuerg bis elo am Ganzen 225 Milliounen Dollar zougesteiert huet. Dës Kreditter vun der AID generéiere keng Zësen. A fir kënne vun der Hëllef vun der AID ze profitéieren, dierf d'Akomes pro Awunner vun engem Land net de Plaffong vun 1.065 US-Dollar pro Joer dépasséieren.

Dës Kreditter sollen Investitiounsprojeten an deene Länner finanzéieren, déi engersäits d'Liewensbedéngunge vun deene betraffene Leit solle verbesseren an anerersäit derzou bäidroen, fir déi strukturell Defiziter zum Beispill um Aarbechtsmaart oder an der sozialer Sécherheet ze besäitegen.

Duerch déi sougenannte 16. Reconstitution des ressources sollen déi finanziell Ressourcë vun der Associatioun op 49,3 Milliarden Dollar opgestockt ginn. Dat ass e Plus vun 7,1 Milliarde par rapport zur leschter Opstockung a gëtt gedroe vun 51 Länner.

Dës Finanzmëttel solle genotzt ginn, fir ënner anerem bei Naturkatastrophen a wirtschaftleche Schocken ze hëllefe respektiv fragil Länner oder déi, déi duerch e Konflikt gezeechent sinn, ze ënnerstëtzen. Aner Sue ginn zur Verfügung gestallt, fir d'Gläichstellung vu Mann a Fra ze promouvéieren respektiv fir d'Bekämpfung vun de Konsequenze vum Klimawandel.

Eist Land wäert ëmgerechent e Bäitrag vun 48,95 Milliounen Euro bei der 16. Reconstitution vun de Ressourcë bäisteieren. Dat ass dee gréissten Undeel, dee Lëtzebuerg bis elo geleescht huet. Dës Montant mécht e Prozentsaz vun 0,19% vum Gesamtfinanzement vun der Associatioun aus an ass deeselwechte wéi dee bei der leschter Reconstitution.

Dës Sue sinn allerdéngs net beieneen ze bezuelen, mä iwwer néng Joer, nämlech vun 2012 bis 2020. An der Praxis gesäit et esou aus, dass de Stat dofir Bons du Trésor ausstellt, déi dann herno vun der Associatioun ageléist ginn.

Am zweete Punkt vun dësem Projet de loi geet et ëm en Ajustement vun der Lëtzebuerger Kontributioun an der Initiativ fir den Allégement vun der multilateraler Schold, och nach IADM genannt. Am Joer 2005 ass um G8 décidéiert ginn, deenen ärmste Länner vun dëser Welt hir Scholden ze erloossen, déi se bei der Weltbank respektiv bei der Association internationale de développement haten. 38 héchstverschëlte Länner a véier aner potenziell Länner kommen an de Genoss vun dësem Scholdeschnëtt.

De Finanzement vun der Annulatioun vun der Schold leeft iwwer 37 Joer: vun 2007 bis 2043. Lëtzebuerg bedeelegt sech beim Scholdenofbau während dëser Zäit mat 29,52 Milliounen Euro.

Well d'Initiativ IADM vun Ufank u mat engem finanziellen Defizit ze kämpfen huet, huet Lëtzebuerg sech bereet erkläert, seng Participatioun vun elo 0,10% op 0,11% unzepassen. Dës Upassung huet e Käschtepunkt vu 740.000 Euro, a si gi just bezuelt fir d'Joren 2037 bis 2040. Genée wéi bei der Association internationale de développement stellt de Stat dofir Bons du Trésor aus, déi da vun der Initiativ IADM ageléist ginn.

Duerch dës Projet de loi gi mer deemno der Regierung d'Erlaabis, dass onst Land sech mat insgesamt 30,26 Milliounen Euro bis d'Joer 2043 un der Annulatioun vun de Scholde vun deenen ärmste Länner ka bedeelegen.

Här President, léif Kolleegen, d'Ziler vun dësen Organisatiounen si méi oder manner identesch mat deene vun der Lëtzebuerger Entwécklungshëllef, nämlech d'Konzentratioun vun der Hëllef op déi ärmste Statën, op hir wirtschaftlech a sozial Entwécklung. De Statsrot ass averstannen, fir déi finanziell Enveloppe fir déi zwou Organisatiounen an d'Luucht ze setzen. Och d'Prioritéiten vun der Association internationale de développement gi vun der héijer Kierperschaft guttgeheescht.

No dem unanimë Vote an der Finanzkommission géif ech lech dann och bieden, dës Gesetzesprojet an der virleiender Form ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci. An dat war alles esou komplett, dass ech géif proposéieren, dass mer direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6344 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par M. Félix Eischen), Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes (par Mme Martine Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), M. Roger Negri et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch, Mme Lydia Polfer (par M. Claude Meisch) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Fir haut de Mëtteg huet d'Fraktioun vun deene Grénge eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Déci-siounen iwwert déi griichesche Scholdekris, déi beim EU-Sommet vum 20. Februar geholl gi sinn, ugefrot. D'Riedezeit ass am Artikel 84 (2) - den Alinéa vum Chambersreglement - festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, sinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeweils fënnf Minutten, de Sensibilités polititques zwou Minutten an der Regierung eng Véierelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Meisch, Bodry an Urbany.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här François Bausch als Verrieder vun der Fraktioun vun deene Grénge.

14. Heure d'actualité du groupe déi gréng sur les décisions du Sommet de l'Union Européenne du 20 février par rapport à la crise de la dette souveraine grecque

Exposé

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dës Aktualitéitsdebatt gefrot, well et dach eiser Meenung no inakzeptabel ass, dass eis Regierung an der Scholdekris Déci-siounen hëlt, ouni dass mer am Virfeld eng demokratesch Diskussioun féieren iwwert deen dach awer deiere Package, deen elo kierzlech erëm décidéiert ginn ass.

Mat dëser Aart a Weis steet eis Regierung zwar net eleng an Europa, awer et féiert trotzdem derzou, dass d'Leit d'Vertrauen, eiser Meenung no, an d'Politik verléieren. Nieft enger Scholden- a Bankekris kréie mer dann, wann et esou weidergeet, och nach eng politesch Kris vun der Europäescher Unioun. An ech mengen, dat dierfe mer net kréien.

Wat ass passéiert an deene leschte Wochen? Virun zéng Deeg gëtt de sougenanntene griicheschen Hëllefspak zu Bréssel décidéiert iwwer e Betrag vun 130 Milliarden. Ech kommen nach dorobber zréck.

D'lescht Woch mécht d'Europäesch Zentralbank hir Tresoren op a léint de Banke 500 Milliarden Euro zu engem Zënssaz vun 1%. Duerfir akzeptéiert se als Garantie Scholdpabeiere vun deeneselwechte Banken, déi net méi vill wäert sinn, well et jo zu engem groussen Deel Statscholdpabeiere sinn, déi dës Banke souwisou gäre lass wieren.

Dëst Verhältnis, op där enger Säit 130 Milliarde fir Griichenland an op där anerer Säit 530 Milliarde fir d'Banken, weist d'Prioritéiten vum europäesche Krisemanagement. Den Detail ass awer nach vill méi krass.

déi gréng hu viru bal véier Joer eis Regierung ënnerstëtzt, wou et drëms gaangen ass, an enger Situatioun vun akuter Panik och hei zu Lëtzebuerg, mä virun allem an Europa - op de Leescht ze huelen an ze kucken, wéi ee schnell a sozialverträglech déi Scholdekris kéint ofbauen.

Duerfir brauch een eng staark Bedeelegung vum private Secteur an eng rigouréis Reguléierung vun de Finanzmarchéer mat enger massiver Stärkung virun allem vum Eegekital vun de Banken.

Mir gesi bei der Aktioun vun der EZB folgend Problemer a Geforen:

Éischters, natierlech ass et sënnavoll, dass elo och d'EZB aktiv gëtt. Si huet déi geldpolitesch Muecht an Europa a kann, wéi mer gesinn, och massiv Vertrauen herstellen. Mä dëst passéiert an engem totale politesche Vakuum ouni iergendeng parlamentaresch Debatt, weder an den EU-Länner nach am Europäesche Parlament. Dat dierf eiser Meenung no net sinn.

Déi total Onofhängegkeet vun der EZB ass elo un hir Grenzen, eiser Meenung no, gestouss. Mir kënnen et wuel verstoen, dass ënner gewëssenen Ëmstänn esou ee Geldsege fir d'Banke sënnavoll ka sinn, mä mir kënnen et awer net akzeptéieren, dass dëst ouni Konditiounen passéiert; an ouni Konditionalitéiten virun allem.

Wann d'Banken op dës Aart a Weis mat öffentleche Gelder gehollef kréien, da misst gläichzäitig kloer sinn, dass keng Dividenden ausbezuelt ginn, keng Manager nach Bonusse kréien. Déi Sue misst prioritär an déi politesch décidéiert Programmer vun Energie, Wunnensbau oder Aarbechtsplaze generell fléissen.

Et besteet also keng Transparenz um Bankemarché. Wie weess, wéi eng Bank wéi vill Hëllef kritt huet iwwert dës verklausuléiert EZB-Démarche? Wat fir een Impakt huet dat op d'Bilanz vun deene Banken? Een décken Hummer ass awer dann, dass d'Banken dës bëleg Kreditter garantéieren mat dem Dépôt vu Scholdpabeieren. Italienesch Banken hunn zum Beispill fir 74 Milliarden italienesch Statsscholde bei der EZB eragin, an déi spuenesch Banke souguer fir 84 Milliarden.

Wat fir een Impakt huet dat bei der weiderer Verhandlung vun de Scholdesituatiounen vun deene respektive Länner? Wéi grouss ass de Risiko, deen domadder d'EZB iwwerholl huet? An deem Kontext géif ech och gär gewuer ginn, wéi vill griichesche Scholdentiteln eis Lëtzebuerger Zentralbank hält an a wat fir engem Kontext déi do gelant sinn a wat fir eng Perspektiven dovun nach ze erwaarde sinn.

An der „Frankfurter Allgemeine“ vum 22. Februar konnt ee liesen, grad déi lëtzebuergesch, déi zypresch an natierlech déi griichesche Zentralbank hätte grouss Dépôte vu grouse griichesche Scholden. Also, Här Minister, wou kommen déi heihin? Also, wéi vill sinn et der? Wat maacht Der mat den Zënserträg vun deene Pabeieren? A wat passéiert, wa se mussen ofgeschriwwen ginn, virun allem?

Ass Lëtzebuerg bereet, dës Pabeieren dem griichesche Stat zréckzeginn, souzesoen als Zeeche vun europäescher Solidaritéit? Ech weess, dass mer elo vun lech als Äntwert wäerte kréien, dass d'Zentralbank onofhängeg ass an dass Dir duerfir guer keng Äntwert op déi Froe kéint wëssen. Mä da wëll ech lech awer froen, ob Dir dat normal fannt, a wéi dat nach mat enger seriöser Finanzpolitik kompatibel ass, dat, wat de Moment amgaangen ass ze geschéien.

Bei der Aktioun vun der EZB hu mer et also mat engem zweete grouse Bankerettungspak ze dinn, ouni dass deen esou genannt gëtt an ouni dass e mat deenen néidegen ekonomeschen a politesche Bedéngunge verknäppt gëtt, déi néideg wieren, eiser Meenung no, wann d'öffentlech Hand engem Wirtschaftssektor hëllef, dee sech esou verspekuléiert huet wéi d'Banken an deem heite Fall.

Mir fannen et och net normal, dass esou eppes ofleef ouni Diskussioun hei am Haus am Virfeld vun där Décioun. Et huet iwwregens doriwuer eraus a ganz Europa kaum eng Debatt doriwuer stattfonnt.

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass et fir den europäeschen Zesummenhalt, fir déi europäesch Iddi wichteg ass a wichteg wier, fir esou Diskussiounen an aller Transparenz ze féieren. Mir sinn och der Iwwerzeegung, dass géif eiser Regierung hir Positioun zu Bréssel stärken.

Allerdéngs setzt et virus, dass eis Regierung eng fest Meenung huet, a mir hunn awer leider ze vill oft d'Impressioun, dass eise Finanzminister déi Lëtzebuerger Positioun vertritt an dass de Premierminister - dee jo awer och de Lëtzebuerger Premierminister ass -, wann en dann als Eurogroup-Chef schwätzt, eng aner Positioun vertritt. Och dat dréit sécherlech net zu méi Kloerheet bái hei zu Lëtzebuerg, wat fir eng Positioun d'Regierung dann als solch eigentlech huet.

Ech wollt awer och nach e puer Wuert zum Rettungspak fir Griichenland als solchem soen. Fir unzefänke wëll ech kloerstellen, dass déi gréng fir eng zolidd europäesch Solidaritéit mat de Griiche stinn. Mir hunn dat scho virun zwee Joer kloer gesot. Mä dat heescht awer net, dass mir keng kritesch Froe wëlle stellen. Mir sinn der Meenung, dass net all sougenannten Hëllefspak och wierklech en Hëllefspak ass. A mir musse scho kucken, wat an der Virwëtzut dra-steet.

Och hei muss ee sech froen, ob dëst e Griichenland-Rettungspak ass oder ob et net e Banke-Rettungspak ass. Et geet ëm 130 Milliarden, déi jo net einfach de Griichen zeguttkommen, déi elo mat manner wéi 600 Euro de Mount musse liewe bei Präisser, déi am europäeschen Duerchschnitt leien. Dës 130 Milliarde ginn och net benotzt, fir a Griichenland e Marshall-Plang op d'Been ze stellen a fir hir Produktionscapacitéiten ze verbesseren, fir doranner ze investéieren, fir dass se erëm kënne produzéieren an hir Produkter verkafen. Esou kéinte se zum Beispill dann aus eegener Kraaft aus hirer Situatioun erauskommen.

Neen, dës 130 Milliarde sinn och keng Suen, déi an engem solidareschen Europa fléissen, fir dass strukturell schwaach Regiounen hir Schwächte kënne kompenséieren, esou wéi dat innerhalb vun all europäeschem Land de Fall ass. Et sinn ëmmer déi wirtschaftlech staark Regiounen, déi déi aner matzéien.

Neen, dës 130 Milliarde si scho bal eng biblesch Plo fir d'Griichen. Si gi benotzt, fir dass op Griichenland nach méi Drock kann ausgeübt ginn, fir dass d'Pensiounen nach méi gekierzt ginn, fir hire Gesondheetssystem ze ruinéieren, fir d'Schoulen, déi se hunn, zouzemaachen, füttizemaachen, vläicht souguer ze privatiséieren. Wie weess, a Griichenland gëtt jo entretemps alles privatiséiert.

Och bei de Riede vun eise Finanzminister kréien ech regelméisseg d'Impressioun - mä dat ass och keen Novum, dass gehéiert zum gudden Toun de Moment an Europa -, wéi wann et géif drëms goen, dee schlechten europäesche Schüler ze strofen, dass een e misst an der Gidd halen, dass do déi südeuropäesch Liewensfreed sech verschätzt hätt.

Mä alles dat hëllef eis net weider. Mir sinn och der Meenung, dass d'Griichen iwwer hir Verhältnisse geliefert hunn. Mir sinn och der Meenung, dass dëst Land Jorzénge laang mat Korruptioun geplot war, dass dëst Land eng schlecht, eng extrem schlecht Gouvernance hat, dass de Klientelismus a virun allem de politesche Klientelismus ganz groussgeschriwwen ginn ass. Mä alles dat dierf eis awer net derzou féieren, dass mer elo fir d'Léisung vun deem Land fir d'Zukunft op falsch Mesurë setzen.

Mä well et awer och gewosst ass a gewosst war, all déi Saachen, wou dëst Land an d'EU opgehall gouf a wou et an d'Eurozon eraholl ginn ass a wou et vu villen Eurolänner gären als Client vun hiren Exportprodukter gesi gouf... Ech wëll lech och net domadder langweilen, dass Griichenland zum Beispill no den USA dat NATO-Land ass mat de proportional héchste Militärausgaben. An d'Waffe ginn net a Griichenland produzéiert, wéi Der wësst, mä importéiert. Och iwwert déi Saache misst een emol kënnen diskutéieren an deem Kontext.

Mä et geet hei drëms, fir op déi komplett per-vers Haltung hinweisen, dass hei sollen, wéi gesot, d'Griichen an d'griichescht Vollek virun allem bestrooft ginn. An an engem Dokument vun der Kommissioun, wat als „strictly confidential“ agestuift ginn ass, do gëtt et nach méi kloer, ëm wat et geet.

No deene Berechnungen, déi do drastinn, geet d'Schold vu Griichenland bis 2020 nëmmen ënner optimale Bedéngungen op déi uviséiert 120% vum PIB zréck. An op den acht Säite vum Dokument ginn dann awer all déi Risiken